



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Sam Tanson, vum Här Minister fir d’Fonction publique, Marc Hansen, vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, a vun der Madamm Finanzministesch, Yuriko Backes, zu der parlamentarescher Fro n°8076 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement zum Sujet “Délégués de Gouvernement”

Déi gemeinsam Äntwert op dës Fro bezitt sech op déi 4 Ministèren, un déi d’Fro gestallt gouf.

Ad 1

Et ass net méiglech, unhand vun dëse Budgetsartikelen ze soen, wéi dacks sech de Staat am Ganzen an deene leschten 10 Joer vun engem Affekot vertrieede gelooss huet.

- De **Justizministère** huet bei kengem Recours géint eng vu sengen Decisiounen en Affekot chargéiert.
- De **Finanzministère** selwer huet keen esou e Budgetsartikel, dowéinst sinn d’Affekotekäschten iwwert de Staatsministère zentraliséiert ausbezuelt ginn. Bei den Administratiounen huet d’Steierverwaltung selwer esou e Budgetsartikel “Frais de Contentieux”, iwwert dee se am Ganzen 977 Verbuchunge gemaach huet. Des Zuel seet awer näischt iwwert déi genee Zuel vu Vertriedungen duerch en Affekot aus.
- Zënter dem Budgetsjoer 2021 existéiert de Budgetsartikel “Frais de Contentieux” beim **Inneministère**, dee quasi exklusiv bei Recourse géint PAG-Entscheidunge genotzt gëtt, déi primär géint d’Deliberatiounen vun de Gemenge geriicht sinn.

2021: 15 Dossieren

2022: 11 Dossieren

2023: 5 Dossieren, bis dato.

Virun 2021 sinn och sämtlech Affekotekäschte vum Inneministère zentraliséiert iwwert de Staatsministère bezuelt ginn.

- Fir de **Ministère fir d’Fonction publique** (MFP) gëtt op den Tableau an der Äntwert 2 verwisen, wat d’Unzuel vun den Affären, mat deenen Affekote chargéiert goufen, ugeet.

Ad 2

Den Inneministère huet an deem Zäitraum 12 verschidden Etude mandatéiert.

D'Steierverwaltung huet an deem Zäitraum 36 verschidden Affekoten oder Etude mandatéiert.

Am Tableau hei drënner gesäit een, wéivill dat der pro Joer opgeschlësselt ausmaachen:

2013	2014	2015	2016	2017	2018	2019	2020	2021	2022	2023
5	6	10	7	7	6	10	5	8	6	5

(hei kënnen wuelgemierkt vun engem Joer op dat anert déi selwecht Affekoten mandatéiert ginn)

Wat de Ministère fir d'Fonction publique (MFP) betrëfft, si vun 2013 bis elo zéng verschidden Affekoten intervenéiert. Den Tableau hei drënner weist den Detail dovun:

Joer	Unzuel un Affären, mat deenen Affekote chargéiert goufen (*)	Affekoten, déi dat Joer Honorairë bezuelt kruten (**)	Total vun den Honorairen, déi dat Joer bezuelt goufen (***)
2013	2	A	5.561,4 €
2014	2	A, B	33.791,45 €
2015	6	B, C, D, E, F, G	87.386,81 €
2016	1	C	32.715,74 €
2017	2	H, A	25.123,66 €
2018	2	E	14.581,61 €
2019	10	I, E	54.589,28 €
2020	10	E, J	75.953,85 €
2021	16	E	120.322,8 €
2022	0	I, E	64.566,28 €
2023	0	/	0 €

(*) Et handelt sech ëm déi Dossieren, an deenen den MFP dat Joer fir d'éischt eng Note d'honoraires kritt huet. A Funktioun vum Dossier kann et sinn, dass Akkonte gefrot ginn oder just eng Note d'honoraires um Enn gemaach gëtt. Sou kann et sinn, dass an engem Dossier iwwer e puer Joer Honorairë gefrot ginn. Et kann och sinn, dass tëschent dem Datum, wou en Affekot chargéiert gouf, an deem Datum, wou en eng Demande d'honoraires mécht, Méint oder Jore leien.

()** Et handelt sech ëm déi Affekoten, déi dat Joer eng Note d'honoraires un den MFP geschéckt hunn.

(*)** Dës Zommen entsprechen den Honorairen, déi dat Joer vun Affekote gefrot goufen. Et ka sech ëm Akkonten oder Schlussrechnungen handeln. Vu dass Geriichtsaffären oft e puer Joer daueren, betreffen déi Zomme gréisstendeels Affären, déi e puer Joer virdrun ugefaangen hunn.

Ad 3

Et si just eenzel Ministèren, déi en eegene Budgetsartikel fir “Frais de Contentieux“ hunn. Den honorabelen Deputéierte fënnt déi respektiv Artikelen am Budget.

Zënter dass den Inneministère de Budgetsartikel “Frais de Contentieux“ huet, sinn am Ganzen **79.666,69 €** iwwert dee Budgetsartikel ausbezuelet ginn.

JOER	TOTAL
2021	42.899,61 €
2022	27.518,40 €
2023 (bis dato)	9.248,68 €
TOTAL	79.666,69 €

Iwwert déi lescht 10 Joer si bei der Steierverwaltung am Ganzen **1.802.115,78 €** iwwert deen Artikel ausbezuelet ginn.

JOER	TOTAL
2013	199.078,04 €
2014	149.445,33 €
2015	169.972,77 €
2016	148.506,31 €
2017	193.128,76 €
2018	137.817,08 €
2019	159.837,18 €
2020	174.073,40 €
2021	169.344,06 €
2022	241.495,86 €
2023 (bis dato)	59.416,99 €
TOTAL	1.802.115,78 €

Ad 4

Ofgesi vun engem Stonnentarif, kann een am Virus net onbedéngt wëssen, wat eng Affär genee kascht well een d’Komplexitéit an d’Dauer zu dem Moment net kennt.

Ad 5

Den Inneministère, de Finanzministère an de Justizministère hu keng Kenntnis dovunner.

An Dossieren, wou Affekote fir den MFP intervenéiert sinn, war dat bis elo nach net de Fall. Sollte mol Froen oder Onkloerheete bezüglech engem Mémoire d’honoraires gewiescht sinn, goufen déi mam concernéierten Affekot ugeschwat. A verschiddene Fäll gouf dann d’Note d’honoraires ugepasst.

Ad 6

D'Marchésprozedure mat den definéierte Seule gi selbstverständlech respektéiert.

Ad 7

Den Inneministère huet säit 2021 ee Jurist, deen zousätzlech d'Tâche als Délégué de Gouvernement huet.

Ad 8

Den MFP huet een hallwen Déléguésposten, dee sech dräi Agenten deelen. Contrairement zu deem, wat d'Fro suggeréiert, ginn d'Déléguées net nei agestallt, mee et handelt sech ëm Agenten, déi schon am Ministère schaffen an déi déi zousätzlech Missioun iwwerhuelen.

Ad 9

Wat den Inneministère betrëfft, ginn déi Zuelen aus den Äntwerten 1 an 3 ervir.

Wat den MFP betrëfft, ginn déi Zuelen aus der Äntwert 2 ervir.

Ad 10

Op Virschlag vum mam Dossier befaasste Beamte gëtt dem Minister en Affekot proposéiert. D'Entscheidung, wéi een Affekot schlussendlech beoptraagt gëtt, hält de Minister.

Ad 11

D'Délégués du Gouvernement sinn an enger ganz grousser Majoritéit Fonctionnaires. Déi Leit, déi Délégué genannt sinn, maachen déi Aarbecht zousätzlech zu hirer normaler Aarbecht.

Ad 12

6 Persounen hunn eng voll Tâche als Délégué.

Ad 13

Déi technesch Instruktioun vun engem Dossier gëtt am zoustännege Ministère gemaach. Den Délégué du Gouvernement kuckt de juristeschen Deel, bereet déi schrëftlech Konklusiounen vir, mécht de Suivi vum Dossier viru Geriicht, mécht de Kontakt mat all de Parteien a geet d'Affär viru Geriicht plaidéieren.

Ad 14

Den Délégué du Gouvernement ass ëmmer e Jurist, deen am Prinzip eng spezifesch Erfahrung am Lëtzebuerger Recht, respektiv eng Experiéenz um Barreau huet.

Ad 15

Dem honorabelen Deputéierte seng Fro léisst op e bësse Verwiesslung schléissen, wat d'Missioun vun engem Délégué beim Conseil de discipline ass. Deen Délégué « sëtzt » net am Conseil de discipline, mee vertritt d'Regierung virum Conseil de discipline. D'Délégués beim Verwaltungsgericht sinn z'ënnerscheede vun den Délégués du Gouvernement beim Conseil de discipline.

Déi legal Basis ass verschidden, an d'Jurisprudenz insistéiert op deen Ënnerscheid.

Déi 3 uewe genannten Agente vum MFP sinn Délégués beim Conseil de discipline an Délégués beim Verwaltungsgericht.

Vu dass et sech ëm komplett verschidde Saachen handelt, ass d'Indemnisiatioun och eng aner. Beim Conseil de discipline ass se pro Audience/Affär, beim Verwaltungsgericht ass et ee Forfait proportional zu der Tâche als Délégué.

Lëtzebuerg, den 2 August 2023.

D'Justizministesch

(s.) Sam Tanson